

# d'Klack




2 2020

Ierpeldeng-Sauer









Eng Publikatioun vun der
« Commission de la Chronique
Communale et de l’Information »
an ënnert der Responsabilitéit vum Schäfferot

REDAKTIOUN:
Frank Kuffer (President), Giovanni Ferigo,
Eric Osch, Romain Pierrard, Guy Steichen †
klack@erpeldange.lu

FOTOEN:
Steve Angelsberg, Giovanni Ferigo, Claude Gleis,
Sylvie Heinen, Jemp Kartheiser, Fränk Kuffer,
Caroline Martin, Romain Pierrard,
Sicona, Syndicat d’Initiative et de Tourisme de
la Commune d’Erpeldange-sur-Sûre,
a vun den Awunner Gemeng Ierpeldeng.

Méi Fotoen fannt Dir op www.erpeldange.lu/d-klack
oder iwwert dëse Link:
Plus de photos sur www.erpeldange.lu/d-klack
ou par ce lien:

**Informatiounen**
*Informations communales*

D'Wuert fir de Guy — 4
*Le mot pour Guy*

D'Wuert vum Buergermeeschter — 5
*Le mot du bourgmestre*

Komplementarwale vum 22. November 2020 — 6

Rapport vun de Gemengerotssëtzungen — 7
*Rapports des séances du Conseil communal*

Monumenter an der Gemeng — 13
*Monument de la commune*

90. Gebuertsdag vun der Madamm Yvonne BINSFELD-HAMEN — 14
90e anniversaire de Madame Yvonne BINSFELD-HAMEN

**Aarbechten an der Gemeng**
*Travaux dans la commune*

**Aktivitéiten a Manifestatiounen**
*Activités et manifestations*

Nationalfeierdag — 25
*Fête nationale*

Informatiounsversammlung 9. Juli 2020 — 27

Hämmelsmarsch zu Ierpeldeng — 28

Kiermes zu Ierpeldeng — 29

Passage vum Tour de Luxembourg zu Bierden — 30

Autofräie Sauerdall vum 20. September 2020 — 31

Scheckiwwerreechungen — 32

Aktioun Viiz Ierpeldeng vum Club des Jeunes Ierpeldeng — 33

Nordstadjugend Summer 2020 — 34

Commémoration Nationale — 35

Hierkenowend — 36

De Kleesche kënnt — 37

Servior - ESSEN AUF RÄDERN — 38
Servior - REPAS SUR ROUES — 39

**Ëmwelt**
*Environnement*

Emwelt Zertifikat Fairtrade — 40

Inox Mehrwegfläschen — 41

SDK — 42

Restauratioun vun engem Bongert an der Gemeng Ierpeldeng — 43

Liichtverschmotzung — 45

**Informatiounen aus der Gemeng**
*Informations de la commune*

Spillplazen Ierpeldeng a Bierden — 47

Schoulrentrée 15. September 2020 — 48

Nohëllef Grondschoul — 50

Biergerforum vum 15.Oktober 2020 — 51

Dag vum Bam — 52

**Veräiner aus der Gemeng**
*Associations de la commune*

Hobbyclub — 53

**Finanzkommissioun** — 54
*Commission des finances*

**Fréier an haut** — 55
*Passé et présent*

**Impressiounen aus der Gemeng** — 56
*Impressions de la Commune*

**Manifestatiounskalenner**
*Calendrier des manifestations*

**Gemengeverwaltung** — 57
*L'administration communale*

*« Der Tod ist gewissermassen eine Unmöglichkeit, die plötzlich zur Wirklichkeit wird »*

Johann Wolfgang von Goethe



Wéi mer de 7. September an eiser Klack-Kommissioun zesumme komm sinn an déi mat enger Gedenkminutt fir eise Sekretär ugefaangen hunn, konnt nach ëmmer keen d’Wierklechkeet esou richteg gleewen. Wëll et einfach net méiglech war. Hu mer gemengt. Bis mer de 14. August déi schrecklech Gewëssheet kruten, dass dat Onméiglecht Wierklechkeet ginn ass. De Guy ass net méi do. De Guy ass dout. De Guy, dee virun allem eise Frënd war, mä deen awer och de Kapp vun eiser Kommissioun war.

Wéi d’Klack-Kommissioun, also d’Informatiouns- a Kommunikatiounskommissioun, 2017 nei forméiert gouf, war ech als President immens frou, dass de Guy direkt seng Hëllef ugebueden huet. Aus dem Fussball wosst ech : de Guy ass ee Schaffert. An esou war et och. Hien huet sech direkt als Sekretär gemellt, mä do net nëmmen déi « normal » Aufgab vum Rapport schreiwen iwwerholl, Nee hien huet sech gemellt fir déi ganz Preparatiounsaarbecht ze iwwerhuelen. Hien huet sech ee Computerprogramm ugeschaaft, sech do era geschafft a mat vill Engagement dee ganze Layout vun eiser Gemengenzeitung gemaach. Wa mer all puer Woche fir eis Reuniounen zesumme koumen, wosst ech : de Guy huet alles am Grëff. Hien hat schonn ëmmer ee « Croquis » vun der neister Editioun derbäi, huet eis gesot wat nach géif feelen an huet dann och reegelméisseg no gefrot, wann eppes gefeelt huet. Am Resumé : de Guy war déi lescht Joren déi dreiwend Kraaft an dëser Kommissioun.

Ganz vill huet him och un eiser Ëmwelt geleeën. Esou wollt hien onbedéngt an Zukunft nach méi op esou Sujeten agoen an der Klack. Guy, ech verspriechen der, dass mer dat esou gutt wéi méiglech maachen.

Elo sti mer do, ouni de Guy, an och wann et ëmmer weider geet, esou geet et hei, wéi op ville Plazen, wou de Guy gelieft a geschafft huet, just ganz schwiereg weider.

De Guy huet Spueren hannerlooss, vill Spueren, grouss Spueren. Hei bei eis an der Kommissioun, bei sengem Futtballveräin, dem FC72, mä virun allem huet de Guy Spueren an den Häerzer hannerlooss, bei senge vill Frënn an am meeschte bei senger Famill, dem Jeanine, dem Eric an dem Antoine. Hinne gëllt eist déifste Matgefill.

Äddi FRËND Guy

Merci fir Alles

Frank Kuffer
*President vun der Kommissioun*



## EN DENKWIERDEGT JOER 2020

Léif Matbierger (-innen ) , d'Joer 2020 huet eis alleguer geprägt. Ween hätt geduecht datt e Virus eis ganz Gesellschaft derart géif op de Kapp stellen ?

Als Lokalpolitiker wäert ech d'Joer 2020 och ganz bestëmmt net vergiessen. Trotz allen Aschränkungen gëllt et seng Gemeng sou gutt et geet duerch di komplizéiert Méint vun der Pandemie ze féieren. D'Gesondheet vun all de Matbierger ass fir di Responsabel vun der Gemeng héchst Prioritéit. Merci op dëser Plaz allen nationalen a regionalen Acteuren. Merci virun allem de Kollegen aus dem Schäffen- a Gemengerot an dem ganze Gemengepersonal déi gehollef hunn datt mir dës besonnesch Zäit bis elo dach zimmlech gutt gemeeschtert hunn an all Déngschtleeschtungen ëmmer konnte garantéieren.

Hoffentlech bleift et och dobäi.

Trotz der Pandemie geet den daily Business weider. Eis Gemeng wäert di nächst Zäit atypisch séier wuessen wat eis alleguerten viru grouss Erausfuerderungen wäert stellen.

Als Buergermeeschter sinn ech frou an erliichtert datt no iwwer 10 Joer Planung endlech d'Konventioune vun 2 PAP'en am « Nouveau Centre Erpeldange » ënnerschriwwe goufen an elo d'Aarbechte lassginn.

Et gëtt konkret !

Am Zentrum vun Ierpeldeng-Sauer ginn op 8,5 Hektar Land 370 Wunnunitéite gebaut. D'Gemeng Ierpeldeng-Sauer keeft selwer 76 Ar Terrain fir zesumme mat der SNHBM 34 abordabel Logementer ze realiséieren. Dës Wunnenge solle prioritär u jonk, lokal Famillje verlount respektiv verkaaft ginn.

Ufank 2020 ass de « ZANO » an e neien interkommunale Syndikat « Nordstad » ausgeweit ginn. Endlech ass also elo mol d'Zesummenaarbecht vun de Nordstadgemengen op enger legaler Basis gereegelt an de Grondsteen ass geluecht fir eis méi professionell opzestellen.

De nächste Schratt wier jo dann eng Fusioun ?

Op 5 Biergerforen ass am Hierscht an all eenzel Gemeng de Bols gefillt ginn , d'Leit konnten hir Visiounen, Iddien, awer och hir Bedenken abréngen. Dës ginn elo analyséiert a fléissen an den Entscheedungsprozess zur Fusioun mat an.

E Prozess deen duerch de geplangte Wandpark vun der Nordenergie zu Bierden sécher net begënstegt gëtt !

An eiser Administratioun gëtt et e Wiesel vu datt eise langjärege Redakter Yves Weis eng nei Erausfuerderung bei eise Noperen zu Schieren gesicht huet. Ersat hu mir den Yves duerch den Antonio Intini vu Bierden. En plus gëtt eis Equipe am Atelier ab Januar duerch de Martin Simon verstäerkt. Hinnen all wënschen ech alles Guddes op hirer neier Plaz.

Och de Gemengerot ass erëm vollzählig. Bei de Komplementarwalen den 22. November ass de Laurent Lacour virum Giovanni Ferigo an dem José Marques als Vainqueur erausgangen an ech hoffen fir d'Zukunft op eng gutt a konstruktiv Zesummenaarbecht mam Laurent.

D'Aarbecht bleift op jidde Fall net aus. Hoffentlech bleiwe mir all gesond a probéieren all zesummen eis anzesetze fir eng attraktiv Gemeng am Häerze vun der Nordstad wou d'Awunner optimal liewen, schaffen an awer och hir Fräizäit kenne gestalten.

Zum Schluss erlabt mir, trotz engem schwéiere Joer 2020, Iech alleguerten, alle lokale Clibb, den Associatiounen a Betriber aus der Gemeng schéi Chrëschtdeeg an all Guddes fir dat neit Joer 2021 ze wënschen.

Am Numm vum Schäfferot
GLEIS Claude
*Buergermeeschter vun Ierpeldeng-Sauer*

## Komplementarwale vum 22. November 2020



Den 22. November waren déi walberechtegt Bierger aus eiser Gemeng opgeruff een neie Conseiller ze wielen. De Gemengerot hat dës Walen Uganks des Joers decidéiert nodeems de laangjärege Gemengerotsmember Marc Weisgerber demissionéiert hat, wëll hien net méi an eiser Gemeng wunnt.

D'Wale sollte schonn am Fréijoer sinn, mä wéinst der sanitärer Kris waren se du vum Inneministère an den Hierscht verluecht ginn.

3 Kandidaten hate sech gemellt an de **Laurent Lacour** krut déi meeschte Stëmmen (530) virum **Giovanni Ferigo** (321) an dem **Jose Marques Neves** (208). Merci deenen 3 Kandidaten, déi sech fir d'Allgemengheet wëllen asetzen an dem neie Conseiller Laurent Lacour eng glécklech Hand bei sengem wichtege Mandat gewënscht.

# Rapports des séances du Conseil communal

## Séance publique du 24.06.2020

Présents: MM.: Gleis - *bourgmestre* ; Pierrard, Leider - *échevins* ; Blom, Kuffer, Osch, Tessaro - *conseillers* ;
Troes - *secrétaire communal*
Excusé(s) : Wolter
Absent(s) : néant

**LE CONSEIL COMMUNAL :**

1. décide unanimement de nommer définitivement Monsieur Antonio INTINI, né le 10 mai 1974, demeurant à Burden, au poste de fonctionnaire dans la catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif avec effet au 1er octobre 2020 et à raison de 100%.
2. décide à l'unanimité des voix d'admettre l'état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2019

| | | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|---|
| en reprises provisoires | 24.628,77 euros | 24.628,77 euros | |
| en décharges | 2.764,40 euros | 2.764,40 euros | |
| Total | 27.393,17 euros | 27.393,17 euros | |

et d'accorder au collège des bourgmestre et échevins l'autorisation de poursuivre en justice les débiteurs qui figurent au présent état avec la mention « à poursuivre ».

3. décide unanimement d'approuver le rapport de la séance de la commission scolaire du 20 mai 2020.
4. décide unanimement d'adopter le Plan d'Encadrement Périscolaire (PEP - modèle de base) pour l'année scolaire 2020/2021 présenté par les personnes en charge de son élaboration et du suivi.
5. décide unanimement d'arrêter provisoirement l'organisation scolaire de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2020/2021 et de transmettre à Monsieur le Ministre de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse la lettre jointe en copie à la présente par laquelle le conseil communal demande d'accorder quelques leçons supplémentaires d'enseignement direct.
6. décide unanimement d'approuver l'organisation scolaire provisoire 2020/2021 de l'enseignement musical de la commune d'Erpeldange-sur-Sûre présentée par l'UGDA et d'approuver la convention du 11 juin 2020 signée entre l'Administration Communale d'Erpeldange-sur-Sûre et l'UGDA pour un montant total de 129.639,79 euros pour la période du 1er septembre 2020 au 31 août 2021.
7. décide unanimement d'approuver la convention du 8 juin 2020 signée entre le bureau du syndicat Conservatoire du Nord et le collège des bourgmestre et échevins et réglant la participation financière de la commune aux cours d'enseignement musical suivis par les élèves de la commune d'Erpeldange-sur-Sûre pour l'année scolaire 2020-2021.
8. décide avec cinq (5) voix pour, une (1) voix contre et une (1) abstention que le collège des bourgmestre et échevins demande l'adhésion de la commune d'Erpeldange-sur-Sûre au Centre d'Initiative et de Gestion Régional Nordstad asbl (CIGR Nordstad).
9. décide avec six (6) voix pour et une (1) voix contre que le collège des bourgmestre et échevins entame des discussions avec le secteur Horesca et le Syndicat d'Initiative Erpeldange-sur-Sûre pour réorganiser les festivités de la fête nationale.

## Séance publique du 27.07.2020

Présents: MM.: Gleis - *bourgmestre* ; Pierrard, Leider - *échevins* ; Blom, Kuffer, Osch, Tessaro - *conseillers*
Troes - *secrétaire communal*
Excusé(s) : pour le point 1., M. Wolter
Absent(s) : néant

**LE CONSEIL COMMUNAL :**

1. décide, avec sept (7) voix pour de nommer Monsieur Steve Angelsberg comme membre de la commission culturelle, des sports, de la jeunesse et des associations.
2. décide à l'unanimité des voix d'approuver le devis relatif à l'avant-projet définitif de la phase I du renouvellement des infrastructures de la rue du pont à Erpeldange-sur-Sûre de juillet 2020 élaboré par le bureau d'études Scherf de

Trierweiler d'un montant total de 340.000,00 euros ttc, y compris les frais des travaux de voirie, d'éclairage public, de canalisation et des réseaux d'eau potable, les travaux supplémentaires ainsi que les honoraires y relatifs.

3. décide unanimement
   - d'inscrire au budget de l'exercice 2020 le montant suivant à la dépense extraordinaire

| Article | Libellé | Montant initial | Crédit supplémentaire | Budget 2020 adapté |
|---|---|---|---|---|
| 4/630/222100/17010 | Axe central: réaménagement N7 à Ingeldorf | 460.000,00 € | 200.000,00 € | 660.000,00 € |

   - d'inscrire au budget de l'exercice 2020 les montants suivants aux dépenses extraordinaires

| Article | Libellé | Montant initial | Report de 2019 | Crédit supplémentaire | Budget 2020 adapté |
|---|---|---|---|---|---|
| 4/130/211000/13002 | Avant-projet plan d'exécution PAP I Centre Erpeldange | 0,00 € | 16.945,39 € | 80.000,00 € | 96.945,39 € |

   L'équilibre budgétaire reste garanti de sorte que les crédits supplémentaires seront financés par le boni résultant du budget 2020.

4. décide unanimement de charger le collège des bourgmestre et échevins de contracter sans tarder un emprunt d'un montant de 5.200.000,00 euros sous les conditions suivantes :
   - montant : 5.200.000,00 euros
   - taux débiteur : taux variable ou taux fixe
   - frais de dossier : néant
   - arrêtés de compte : semestriels au 30.6 et 31.12 de chaque année
   - durée de l'emprunt : 15 ans
   - remboursement : 30 paiements semestriels

5. décide unanimement
   - d'approuver l'avenant au contrat de bail conclu en date du 20 juillet 2020 entre l'association ALAN a.s.b.l. – MALADIES RARES et le collège des bourgmestre et échevins de la commune d'Erpeldange-sur-Sûre et modifiant l'article 2 « Loyer » du contrat de bail initial du 1er septembre 2014 comme suit :
     L'alinéa 2 sera modifié à l'article 2 :
     *Suite à la crise sanitaire Covid-19 il y a lieu de suspendre rétroactivement le loyer mensuel de 75,00 €* pour les mois d'avril 2020 et de mai 2020.
   - d'approuver l'avenant au contrat de bail conclu en date du 20 juillet 2020 entre l'association Ligue HMC section Ettelbruck-Diekirch-Vianden-Wiltz et le collège des bourgmestre et échevins de la commune d'Erpeldange-sur-Sûre et modifiant l'article 3 « Loyer » du contrat de bail initial du 23 avril 2012 (adapté par son avenant du 22 janvier 2019) comme suit:
     *Suite à la crise sanitaire Covid-19 il y a lieu de suspendre rétroactivement le loyer mensuel de 850,00 €* pour les mois d'avril 2020 et de mai 2020.

6. décide unanimement
   - d'approuver le compromis de cession gratuite du 25 juin 2020 par lequel Monsieur REUTER Robert et Monsieur REUTER Félix cèdent et abandonnent gratuitement par la présente à l'Administration Communale d'Erpeldange-sur-Sûre, les parcelles inscrites au cadastre de la commune d'Erpeldange-sur-Sûre, section C de Burden au lieu-dit « Rue St. Hubert », place voirie, sous les numéros cadastraux 759/1758 et 759/1759 d'une contenance de 29 et 27 centiares.
   - d'approuver le compromis d'échange du 9 juillet 2020 par lequel l'Administration Communale d'Erpeldange-sur-Sûre échange avec Monsieur LEIDER Gilbert et son épouse Madame LAMBORELLE Tania ainsi qu'avec Monsieur LEIDER Joseph et son épouse Madame EIPERS Charlotte les parcelles suivantes

| n° | Numéro | Lieudit | Nature | Contenance | Nom(s) |
|---|---|---|---|---|---|
| 1 | 1137/4968 | Rue du Pont | place voirie | 0,17 are | époux Leider-Lamborelle |
| 2 | 1137/4971 | Rue du Château | place | 0,35 are | Erpeldange, la commune |
| 3 | 1145/4972 | Rue du Château | place | 0,07 are | Erpeldange, la commune |
| 4 | 1251/4975 | Rue du Pont | place voirie | 0,12 are | époux Leider-Lamborelle |
| 5 | 1252/4977 | Rue du Pont | place voirie | 0,07 are | Leider Gilbert p. l'us.: époux Leider-Eipers |
| 6 | 1275/4979 | Rue du Pont | place voirie | 0,07 are | Leider Gilbert |

La contenance des parcelles cédées à la commune est de 43 centiares tandis que la contenance des parcelles cédées par la commune est de 42 centiares. Les parties consentent à ce qu'aucune soulte n'est à payer.
Considérant qu'il s'agit d'emprises longeant la chaussée (trottoir) la valeur des parcelles est estimée à 1.000,00 euros par are.

7. décide unanimement d'approuver la convention conclue en date du 20 janvier 2020 entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg, le collège des bourgmestre et échevins de la commune d'Erpeldange-sur-Sûre et l'Association Club Senior Nordstad asbl, dans laquelle les engagements des parties, les modalités d'organisation et de financement d'un Centre régional d'animation et de guidance pour personnes âgées (Club Senior Nordstad) sont fixés et entrant en vigueur le 1er janvier 2020 et pour une durée d'une année.
8. décide unanimement d'approuver le règlement communal relatif à la gestion des déchets ménagers, encombrants et y assimilés.
9. décide unanimement d'approuver le règlement-taxe relatif à la gestion des déchets ménagers, encombrants et y assimilés.
10. décide unanimement
    - d'approuver le projet d'exécution du PAP « MILLER », approuvé par le collège des bourgmestre et échevins de la commune d'Erpeldange-sur-Sûre le 15 juillet 2020 avec les plans établis par le bureau TR-Engineering,
    - d'approuver la convention conclue le 15 juillet 2020 entre le collège des bourgmestre et échevins de la commune d'Erpeldange-sur-Sûre et les deux promoteurs la société Erpelding sàrl établie et ayant son siège à L-1113 Luxembourg (RCS Luxembourg n° B208425) (matricule 2016 24 38 728) et la société Kikuoka Luxembourg sa établie et ayant son siège à L-5412 Canach (RCS Luxembourg n° B28646) (matricule 1988 22 02 278) dans l'intérêt de la réalisation d'un plan d'aménagement concernant des fonds sis à Erpeldange-sur-Sûre, commune d'Erpeldange-sur-Sûre, au lieu-dit « Miller », d'une superficie totale de 98,63 ares, en vue d'y construire 98 unités de logement.

## Séance publique du 23.09.2020

Présents: MM.: Gleis - *bourgmestre* ; Pierrard, Leider - *échevins* ; Blom, Kuffer, Tessaro, Wolter - *conseillers* ;
Troes - secrétaire communal
Excusé(s) : pour le point 1, ensuite par visioconférence, M. Osch
Absent(s) : néant

**LE CONSEIL COMMUNAL :**

1. décide unanimement
    - d'augmenter la tâche de Madame Tracy DELAGE à partir du 1er octobre 2020 de 50 % à 100 % et donc de 20 à 40 heures par semaine,
    - de prendre note que le collège des bourgmestre et échevins entend accorder un travail à temps partiel à Madame Delage pour diminuer la tâche de 100 % à 80 % à partir du 1er octobre 2020.
2. décide unanimement
    - d'approuver le plan de gestion forestier dénommé « Managementplan Rengelschleed 2021-2030 » de mars 2020, élaboré par le bureau Lignafor Ingénieurs-conseils en collaboration avec l'Arrondissement Centre-Est de l'Administration de la nature et des forêts, pour la parcelle inscrite au cadastre de la commune d'Erpeldange-sur-Sûre, section C de Burden au lieu-dit «Bingelschleid», à savoir n° 4 d'une contenance totale de 44,59 ha et prévoyant des investissements pendant cette période de 983.436,00 euros
    - de demander une aide financière de 90 % pour les investissements prévus dans le plan de gestion forestier à réaliser pendant la période de 2021-2030
    - de demander la liquidation de l'aide financière pour l'acquisition de la parcelle conformément à l'acte de vente n° 4712 conclu le 23 septembre 2019 pour un montant de 245.245,00 euros.
3. décide unanimement d'approuver le plan de gestion 2021 pour la propriété forestière de la commune d'Erpeldange-sur-Sûre, proposé par le préposé du triage d'Ettelbruck, vérifié et arrêté par le chef d'arrondissement de l'arrondissement Centre-est de l'Administration de la nature et des forêts en date du 13 août 2020 et qui prévoit des dépenses d'un montant de 158.150,00 euros et des recettes pour un montant de 140.775,00 euros à inscrire au budget 2021.
4. décide unanimement d'approuver divers titres de recettes.
5. décide unanimement
    - de fixer pour l'année 2021 comme suit les taux de l'impôt foncier communal :

      A : 440%  B1 : 660%  B2 : 440%  B3 : 220%  B4 : 220%  B5 : 440%  B6 : 440%

    - de fixer pour l'année 2021 le taux de l'impôt commercial à 300%.

6. décide unanimement
   a) de soutenir les organisations d'aide humanitaire suivantes :
   - Croix-Rouge luxembourgeoise – Inondations en Afrique de l'Ouest avec un don de 4.000 euros
   - Noël de la Rue a.s.b.l. – Organisation du « Noël de la Rue » avec un don de 1.500 euros
   - Fondation Lëtzebuerger Kannerduerf – Saccly (Structure d'accueil pour jeunes à besoins spécifiques fréquentant des lycées) avec un don de 1.500 euros
   - Fondation Lëtzebuerger Kannerduerf – Saccly (Structure d'accueil pour jeunes à besoins spécifiques fréquentant des lycées) avec un don de 440 euros de la part de la Commission culturelle, des sports, de la jeunesse et des associations de la commune.

   b) d'inscrire au budget ordinaire de l'exercice 2020 un crédit supplémentaire comme suit

| Article | Libellé | Montant initial | Crédit supplémentaire | Budget 2020 adapté |
|---|---|---|---|---|
| 3/192/648110/99001 | Subsides divers à voter au courant de l'année | 3.000,00 € | 440,00 € | 3.440,00 € |

   L'équilibre budgétaire reste garanti de sorte que le crédit supplémentaire sera financé par le boni résultant du budget 2020.

7. décide unanimement d'arrêter l'occupation des postes des agents nouvellement affectés par le MENJE auprès de l'enseignement fondamental de la commune d'Erpeldange-sur-Sûre pour l'année scolaire 2020/2021 conformément au tableau ci-après :

| Cycle | Libellé du poste | Attribution 2020/21 | Fonction |
|---|---|---|---|
| C2-4 | C2-4 p100% | ORIGER Lynn | Fonctionnaire Instituteur |
| C2-4 | C2-4 p100% (poste occupé par un chargé de cours) | MOUSEL Liza | Fonctionnaire Instituteur |
| C2-4 | C2-4 pSUR 100% A 20-21 (décharge Wies Danièle) | GRETHEN Mara | Fonctionnaire Instituteur |
| C1 | C1 pSUR 50% A 20-21 (poste vacant suite à un congé Pick Nadine) | FERNANDES ALVES Tania | Quereinsteiger |
| C2-4 | C2-4 p SUR 100% A 20-21 (décharge Decker Michèle iebs) | DEVILLET Anne | Fonctionnaire Instituteur |
| C2-4 | C2-4 p ACC 50% A20-21 | SCHMIT Jacqueline | chargée de cours |
| C2-4 | C2-4 t 4 SUR A20-21 | SCHMIT Jacqueline | chargée de cours |

8. décide unanimement d'accepter la démission de Monsieur René Hubsch de son poste de représentant de la commune d'Erpeldange-sur-Sûre au sein du conseil d'administration de l'OSNOS avec effet au 1er octobre 2020 tout en le remerciant chaleureusement pour son engagement précieux comme représentant de la commune d'Erpeldange-sur-Sûre au sein du conseil d'administration de l'Office Social Régional Nordstad depuis janvier 2012.
9. décide unanimement d'approuver l'adhésion des communes de Lintgen et Habscht au SICONA-Centre.
10. décide unanimement
    a) d'approuver le contrat de louage portant mise à disposition du CGDIS du centre d'incendie et de secours à Ingeldorf.
    b) - d'approuver la convention de transfert de biens meubles établie le 19 juin 2020 entre le CGDIS et la Commune d'Erpeldange-sur-Sûre.
    - de demander le remboursement par le CGDIS à la commune des frais occasionnés pendant la période du 1er juillet 2018 au 5 mars 2020 se chiffrant au montant total de 52.005,25 €, augmenté des dépenses éligibles pendant la période du 5 mars 2020 jusqu'à la pleine entrée en jouissance des biens meubles et immeubles.
11. décide unanimement
    - d'approuver le projet d'exécution du PAP « In der mittelsten Gewann », approuvé par le collège des bourgmestre et échevins le 17 septembre 2020 avec les plans établis par le bureau Tr-Engineering,
    - d'approuver la convention y afférente, signée le 17 septembre 2020 entre le collège des bourgmestre et échevins de la commune d'Erpeldange-sur-Sûre et les trois promoteurs à savoir la société Kikuoka Luxembourg sa établie et ayant son siège à L-5412 Canach (RCS Luxembourg n° B28646)(matr. 1988 22 02 278), la société Unterste Gewann sa établie et ayant son siège à L-7535 Mersch (RCS Luxembourg n°B 162.114) (matr. 2011 2215 221) et la société Bibe sàrl établie et ayant son siège à L-9147 Erpeldange-sur-Sûre (RCS Luxembourg n°B 134.433) (matr. 2007 24 62 964) dans l'intérêt de la réalisation d'un plan d'aménagement concernant des fonds sis à Erpeldange-sur-Sûre, commune d'Erpeldange-sur-Sûre, au lieu-dit « In der mittelsten Gewann », en vue d'y construire 264 unités de logement.

## Séance publique du 09.11.2020

Présents: MM.: Gleis - *bourgmestre* ; Leider - *échevin* ; Osch, Tessaro - *conseillers* ;
Blom, Kuffer, Wolter (par visioconférence) - *conseillers* ; Troes - *secrétaire communal*
Excusé(s) : pour le point 1 à 4, M. Pierrard, *échevin*
Absent(s) : néant

**LE CONSEIL COMMUNAL :**

1. décide unanimement d'approuver divers titres de recettes.
2. décide unanimement de nommer :
   Monsieur Gilbert Leider, échevin, comme délégué politique à l'égalité femmes-hommes et
   Madame Tracy Delage, comme déléguée à l'égalité femmes-hommes du personnel
3. décide unanimement de désigner Madame Sandy Klein, ingénieur industriel au service technique de la commune d'Erpeldange-sur-Sûre, pour prendre part au comité consultatif pour accompagner le projet de développement de l'accès Walebroch.
4. décide unanimement de nommer Monsieur Théo Noël, demeurant à Ingeldorf, au poste de représentant de la commune d'Erpeldange-sur-Sûre au sein du conseil d'administration de l'Office Social Régional Nordstad (OSNOS) avec effet immédiat et jusqu'au 31 décembre 2022.
5. décide unanimement d'approuver le projet du budget de l'exercice 2021 de l'office social Nordstad «OSNOS» (budget rectifié 2020 et budget exercice 2021) voté par le Conseil d'Administration en date du 19 octobre 2020.
6. décide unanimement
   - d'approuver le programme d'action annuel 2021 pour la commune d'Erpeldange-sur-Sûre établi par le syndicat SICONA-Centre le 28 octobre 2020 et d'inscrire au budget 2021 des dépenses à l'article «travaux spécifiques effectués par un syndicat de protection de la nature» pour un montant de 42.500 euros.
   - d'approuver la convention conclue en date du 27 juillet 2020 entre l'Administration Communale d'Erpeldange-sur-Sûre et Monsieur Marc Eicher d'Erpeldange-sur-Sûre ayant pour objet la réalisation des projets fixés dans le programme d'action annuel 2021 pour la commune d'Erpeldange-sur-Sûre, établit par le syndicat SICONA-Centre.
   - d'approuver la convention conclue en date du 22 octobre 2020 entre l'Administration Communale d'Erpeldange-sur-Sûre et Monsieur et Madame Steffen-Hourscht de Bissen ayant pour objet la réalisation des projets fixés dans le programme d'action annuel 2021 pour la commune d'Erpeldange-sur-Sûre, établit par le syndicat SICONA-Centre.
7. décide unanimement d'arrêter comme suit la liste des bénéficiaires de subsides et cotisations pour 2021:

| | | |
|---|---|---|
| 3/191/648110/99001 | **Subventions humanitaires internationales** | |
| | - Soutien projets en faveur du développement durable | 6.000,00 € |
| 3/192/615100/99001 | **Dons aux oeuvres et associations nationales** | |
| | - ALAN asbl | 50,00 € |
| | - Association pour Mal Voyants et Aveugles A.M.V.A | 50,00 € |
| | - Association luxembourg Alzheimer | 50,00 € |
| | - Fondatioun Kannerduerf – Saccli Erpeldange/Sûre | 50,00 € |
| | - HMC Diekirch-Ettelbruck-Vianden | 50,00 € |
| 3/192/648110/99001 | **Subventions - Subsides divers à voter au courant de l'année** | |
| | - Subsides divers à voter au courant de l'année | 3.000,00 € |
| 3/250/648110/99002 | **Subventions - Club des Jeunes** | |
| | - Club des Jeunes Ierpeldeng | 200,00 € |
| 3/320/648110/99001 | **Subventions aux associations actives dans le service incendie** | |
| | - Fédération régionale des Corps des Sapeurs-Pompiers - Région Nord | 250,00 € |
| 3/430/648110/99001 | **Subventions aux associations actives dans le tourisme** | |
| | - Syndicat d'Initiative Ierpeldeng | 1.200,00 € |
| 3/825/648110/99001 | **Subventions aux associations sportives** | |
| | - FC Ierpeldeng 72 | 2.500,00 € |
| | - Tennis-Club Nordstad | 1.000,00 € |
| | - K.C. Ierpeldeng 83 | 200,00 € |
| | - Mëll Biker | 200,00 € |
| | - Pool Billard Club Angelduerf | 200,00 € |
| | - Schachclub Nordstad | 200,00 € |
| | - Turnverein Ierpeldeng | 200,00 € |
| | - Weierfëscher | 200,00 € |
| | - Yoga Club Erpeldange | 200,00 € |

| | | |
|---|---|---|
| 3/836/648110/99002 | **Subventions aux sociétés de musique** | |
| - Concordia Erpeldange | | 4.500,00 € |
| 3/839/648120/99001 | **Subventions spéciales aux associations culturelles** | |
| - Fraen aus der Gemeng | | 200,00 € |
| - Fuesboken Regioun Ierpeldeng | | 200,00 € |
| - Grupo Etnográfico do Alto Minho | | 200,00 € |
| - Hobby-Club Ierpeldeng | | 200,00 € |
| - Ierpeldeng Trau Dech | | 200,00 € |
| 3/930/648110/99002 | **Services annexes à l'enseignement - Subvention** | |
| - E.I.S. | | 500,00 € |

8. décide unanimement
   - d'inscrire un crédit supplémentaire de 7.500 euros à l'article « Achat des repas sur roues destinés à la revente » du budget 2020, crédit qui sera financé par le boni du budget 2020.
   - d'inscrire un crédit supplémentaire de 2.000 euros à l'article « Acquisition de matériels informatique » pour les services administratifs à la mairie du budget 2020, crédit qui sera financé par le boni du budget 2020.
9. décide unanimement de reporter la décision sur la fixation de la prime de fossoyeur et des modalités de paiement à la prochaine séance du conseil communal.
10. décide unanimement de confirmer le règlement temporaire de circulation d'urgence pris par le collège des bourgmestre et échevins en sa séance du 28 septembre 2020.
11. décide unanimement
    - de modifier à partir du 1er janvier 2021 la rémunération mensuelle brute de la carrière dénommée « EMI – 1 –salarié à tâche manuelle » de 2.600 € en allouant
      - une prime pour travaux salissant de 6 points
      - une prime masse d'habillement de 2 points et
      - une prime de repas de 15 points ainsi que
      - un treizième mois et
      - de lier la rémunération brute à l'indice des prix à la consommation.
    - le retrait de la prime d'astreinte mensuelle (12 mois par an) de huit virgule cinq (8,5) points indiciaires attribuée à Monsieur Klopp avec effet au 30 novembre 2020.
    - d'accorder à Monsieur Pol Bodeving d'Erpeldange-sur-Sûre, salarié à tâche manuelle, la moitié de la prime d'astreinte accordée à la majorité des autres salariés de l'atelier communal, à savoir une prime d'astreinte mensuelle (12 mois par an) de huit virgule cinq (8,5) points indiciaires pour sa disponibilité pendant la période du 1er novembre au 30 avril en dehors des heures de service normales, pour assurer, entre autres le service d'hiver et avec effet au 1er décembre 2020.

## Neie Mataarbechter M. Intini

Den 1. Oktober 2020 huet den Antonio Intini op der Gemeng Ierpeldeng-Sauer als Redakter ugefaangen mat schaffen. Hie war virdrun beim CCSS (Centre Commun de Sécurité Sociale) a léist am Sekretariat den Yves Weis of, den op d'Gemeng Schieren gewiesselt ass.

Mir wënschen him vill Satisfaktioun op senger neier Plaz.




## Monumenter an der Gemeng



**Oeuvre MUTATIS**
Sculpteur DANIEL BRAGONI
Installation 2001

L'oeuvre „MUTATIS" composée de marbre et de schiste, exprime la réunion des trois sections: ERPELDANGE, INGELDORF et BURDEN. Les 3 éléments rouges, disposés en triangle, représentent les 3 localités avant leur fusion. Le positionnement définit le lieu où la sculpture est érigée: „Dreieck".
Les éléments jaunes symbolisent l'union des 3 villages, le tout reposant sur une plaque de schiste scindée. Celle-ci évoque la matière même du sol de cette partie du pays et les séparations dans le schiste reproduisent „Le Guttland et l'Oesling" étant donné que la commune d'Erpeldange se situe géographiquement sur la limite de ces 2 régions. La sculpture orientée vers le nord en direction d'Erpeldange, chef-lieu de la commune.





## 90. Geburtsdag vun der Madamm Yvonne BINSFELD-HAMEN



Den 31. Mee, op Päischtsonndeg, huet d'Yvonne Binsfeld-Hamen 90 Joer kritt. Leider konnt dëse ronne Gebuertsdag bis haut nach net mat der Famill gefeiert gin wéinst de Restriktiounen duerch d'Covid-19 Pandemie.

D'Yvonne ass den 31. Mee 1930 zu Dikrech op d'Welt komm an huet hir ganz Kandheet a Jugend zu Angelduerf mat hiren Elteren Jean a Beby Hamen-Meder an hirer Schwëster Josée verbruecht. D'Yvonne huet puer Joer zu Ettelbréck an der Patisserie Wantz an zu Bréissel an enger Famill geschafft.

Den 30. August 1952 huet d'Yvonne den Félix Binsfeld vun Ierpeldeng-Sauer bestuet. De Félix war Gäertner an d'Yvonne huet dunn zesummen mam Félix d'Gäertnerei gefouert. Si war déi dreiwend Kraaft an huet mat hirem Dynamismus de Betrib no vir bruecht an d'Mataarbechter an d'Client'en mat Respekt an Jovialitéit behandelt. An der wéineger Fräizäit huet si gären Konter a Mitt mat Frënn an bei der Amiperas Ierpeldeng gespillt.

D'Yvonne ass Mamm vun zwee Jongen, dem Jean-Paul an dem Raymond, Groussmamm vu sechs Kanner a fënnef Mol Urgroussmamm. Leider ass de Félix am Joer 2011 verstuerwen an dunn huet d'Yvonne nach eleng bis Enn 2017 zu Ierpeldeng-Sauer gelieft an zënter dem Januar 2018 gëtt si elo gutt am Fleegeheem `Bei der Sauer' zu Dikrech encadréiert, vum Personal an och vun hirer Famill. D'Yvonne fillt sech hei ganz wuel, verbreet ëmmer gutt Laun an ass motivéiert nach e puer Joer drunzehänken.

De Schäfferot vun der Gemeng Ierpeldeng-Sauer huet dem Yvonne déi beschte Gléckwënsch mat schéine Blummen iwwerbruecht.

## Al Schoul a Kierch zu Bierden









## Entsuergung vun engem ëmgefallene Bam un der Sauer bei Angelduerf





## Axe central an déi nei Bushaisecher
























## Blummewisen







## Aarbechten an der Gemeng Rue du pont Angelduerf









## Neie Belag an der Tennishal SIT

Am Juni 2020 ass wärend 3 Wochen e neie Belag an der Ierpeldenger Tennishal verluecht ginn. Den ofgenotzten, orangen « Tapis-granulé » ass duerch e méi rigiden «hard court MASTERS 1000 GRAND PRIX» ersat ginn .


Op den alen Tapis-granulé gouf en hëlzene Parquet vun 22mm verluecht. Dësen ass mat enger silicehalteger Basis an 3 akrylhaltege Faarfschichten traitéiert ginn an di 4 Terraine gesinn elo blo / gréng aus .

De « MASTERS 1000 GRAND PRIX » ass en héichwäertege Belag a gëtt och op der ATP Tour , zB zu Metz ( Open Moselle ) oder zu Marseille ( Open Provence ), gespillt .

D'Aarbechte goufe vun der franséischer Firma SLAMCOURT-surfaces an der lëtzebuerger Firma LUX'EST realiséiert.

Finanzéiert goufen d'Aarbechte vun den 3 Trägergemengen Dikrech, Ettelbréck an Ierpeldeng-Sauer an dëst proportionell zu den Awunnerzuelen. De Käschtepunkt läit bei ronn 128000 € wouvunner 30% duerch en extraordinäre Subside vum Sportsministère gedroe ginn.







## Neit Bushaischen zu Ierpeldeng







## Erneierung vun der Mauer al Primärschoul zu Angelduerf





## Netzen am Summer













## Aarbechten un der Baileysbréck





## Erneierung vun der Mauer um Kierfecht zu Ierpeldeng



## Neie Bëschwee zu Bierden





## Nationalfeierdag

Wéi esou villes am Joer 2020, konnt och eisen Nationalfeierdag net gefeiert ginn. Op jiddefalls net esou wéi mir dat an eiser Gemeng an am ganze Land gewinnt sinn. De Schäffen- a Gemengerot hat sech dowéinst eppes ganz Spezielles afale gelooss, nämlech dass mer all sollen zesumme feieren, wann och jidderee fir sech doheem. Jidderee konnt sech fir 5 € ee Menü vu 15 € an engem vun eise lokale Restaurante bestellen. D'Gemeng huet pro Plat also 10 € bäi geluecht. An déi Aktioun ass immens gutt bei de Leit ukomm. Op verschiddene Plazen an der Gemeng hunn d'Noperen sech dobausse getraff fir, natierlech mat der néideger Distanz, d'Heemecht ze sangen a Käerzen un ze fänken. Op déi Manéier konnte mer iergendwéi awer all zesummen eise Groussherzogsgebuertsdag feieren. Mir hoffen natierlech, dass mer eis d'nächst Joer awer erëm alleguer beim Te Deum, dem Fakelzuch a beim Patt am Birkelshaff gesinn.




























DU
BERGER
INGELDORF


RUE DU
BERGER
INGELDORF

# Informatiounsversammlung 9. Juli 2020

Den 9. Juli war an der Ettelbrécker Däichhal eng gudd besichten Informatiounsversammlung fir d'Bierger aus eiser Gemeng. Et goung ëm de Projet vun enger Wandmillen, dee vun de Firmen SOLER an NORD-ENERGIE an de Gemengen Ettelbréck an Dikrech geplangt gëtt. Dëst betrefft d'Bierger vun eiser Gemeng, wëll de virgeschloenen Site no bei eiser Gemengegrenz läit, an di nooste bewunnten Haiser zu Bierde leien. Et goufen deen Owend vill zum Deel kritesch Froen zu dem Projet an dem Site gestallt.

Et war dëst eng Etapp vun der COMMODO Prozedur, an där och Bierger aus eiser Gemeng, op eenzel oder a Gruppen, Avis'es eragereecht hunn. Och eis Gemeng huet sech konstruktiv an den Dossier erabruecht, an deem se een alternative Site um Terrain vun der Gemeng Ierpeldeng virgeschloen huet. De Site soll elo iwwerpréift ginn.

*Affaire à suivre, deemno.*



Däichhal zu Ettelbréck

# Aktivitäten a Manifestatiounen Hämmelsmarsch zu Ierpeldeng













## Kiermes zu Ierpeldeng






















## Passage vum Tour de Luxembourg zu Bierden







## Autofräie Sauerdall vum 20. September 2020



















# Scheckiwwerreechungen




4.000€ fir
Croix Rouge
Luxembourgeoise
Iwwerschwemmungen
a Westafrika



1.940€ fir
d'Mierscher
Kannerduerf
SACCLY




1.500€ fir
Noël de la Rue a.s.b.l.

## Aktioun Viiz Ierpeldeng vum Club des Jeunes Ierpeldeng

Well hier normal Aktivitéiten wéi den Halli Galli Bal nët konnte statt fannen huet de Club des Jeunes Ierpeldeng sech fir dëst Joer eng besonnesch Aktioun afale gelooss.

Si waren an de Bongerte vun Angelduerf a Schieren Äppel plécken an oprafen, hunn hier Récolte op Eppelduerf bei Eppelpress bruecht an do presse gelooss.

Wärend zwee Samsdeger hu si hire Viiz am Clubsall ënnert de gültege Coronamesure verkaf.

Op Demande hu si och de Viiz de Leit Heem geliwwert.









## Nordstadjugend Summer 2020













Dëse Summer hat d'Nordstadjugend eng flott nei Iddi, déi mat vill Motivatioun a Kreativitéit an d'Realitéit ëmgesat gouf: di éischt Editioun vun den NORDSTADJUGEND-SUMMERAKTIVITÉITEN fir Jonker vun 12 bis 26 Joer. Duerch de Coronavirus sinn dëst Joer vill Jonker net an d'Vakanz gaangen an hunn de Summer heiheem verbruecht. Dofir hu mir eis als Ziel gesat, hinnen nom Lockdown am Fréijoer flott Aktivitéiten unzebidden, dëst vu Mëtt Juli bis Mëtt September. Als Ausgläich zum schoulesche Stress, sollte si sech erhuele kënnen a Spaass hunn, dëst sou vill wéi méiglech un der frëscher Loft. Vu Konscht, Kultur, Sport bis Beauty, et war alles dobäi: ënner anerem Longboard-Workshop, Kayak, Stand-Up Paddle a Floossbau um Stau, Kayak-Rafting, Hike, Kloterpark, Batik- a Beautyatelier, Frisbee-Golf, Reiden, asw. An engem Do-it-yourself Atelier goufe cool Outdoorspiller kreéiert. Awer och méi déifgreifend Theme goufen opgegraff, wéi den 2. Weltkrich a Judden zu Lëtzebuerg, mat Visitte vum Musée National de la Résistance zu Esch an dem Klouschter op der Pafemillen.





Di Jonk ware begeeschtert an de Feedback ganz positiv. Enger 2. Editioun 2021 steet also näischt am Wee….









## Commémoration Nationale







## Hierkenowend



Rezept vum Dag vun der Amicale Bierden

800 Filete vun der Provençale

10 kg geschnidden Ënnen

8 kg Äppel (am beschte Boskop)

Ee Grapp voll Wakelterbieren

an eng hallef Dose Lorberblieder derbäi.




D'Hierke gi Samschdes agemaach an se sinn da prett, fir Donneschdes.

Dobäi komme gewéinlech nach 60 kg Gromperen, vun engem lëtzebuerger Bauer aus dem Préizerdaul.











## De Kleesche kënnt

Mat der Hëllef vum Club des Jeunes Ierpeldeng huet dëst Joer de Kleeschen eng Visitt an der Schoul gemeet an duerno säin Tuer bei d'Kanner.





















# ESSEN AUF RÄDERN

SERVIOR

DEN ALTER LIEWEN

**Unsere Gemeinde bietet allen Bewohnern, die nicht mehr eigenständig kochen können oder wollen, die Dienstleistung „Essen auf Rädern" an. Hierfür arbeiten wir mit SERVIOR zusammen.**

## MENÜAUSWAHL

Auf einem Wochen-Menüplan können Sie zwischen zwei Hauptgerichten, jeweils angeboten mit Suppe, Salat und Nachspeise, wählen. Außerdem werden auch spezielle Menüs für Diabetiker sowie Gerichte ohne Fleisch oder ohne Salz angeboten.

## ZUBEREITUNG

SERVIOR legt bei der Zubereitung viel Wert auf regionale und frische Produkte. Das Essen wird täglich frisch zubereitet und appetitlich auf Porzellantellern angerichtet. Die einzelnen Gerichte werden anschließend hygienisch verpackt und umgehend gekühlt. Auf diese Weise bleiben Geschmack und Nährstoffe erhalten.

Bestätigt:

Sou schmaacht Lëtzebuerg
Savourez le Luxembourg

## LIEFERUNG

Die Menüs werden von Montag bis Samstag in einer praktischen Box ausgeliefert. Die Mahlzeiten für Sonn- und Feiertage werden jeweils am Vortag mitgeliefert. Sie entscheiden, wie oft Sie diesen Service nutzen möchten: täglich, an bestimmten Wochentagen oder nur für einen bestimmten Zeitraum.

## ZUBEREÏTUNG ZUHAUSE

Die Menüs können bis zu 36 Stunden im Kühlschrank aufbewahrt werden. Zum Aufwärmen müssen Sie lediglich eine einzige Taste drücken.



## ANMELDUNG & ABRECHNUNG

Bitte wenden Sie sich einfach an Ihre Gemeinde, wenn Sie sich anmelden möchten.

Schon wenige Tage nach Ihrer Anmeldung für diesen Service erfolgt die erste Belieferung. Die Rechnung erhalten Sie von Ihrer Gemeinde.




» Weitere Informationen finden Sie auf **servior.lu**



# REPAS SUR ROUES

SERVIOR

DEN ALTER LIEWEN

**Notre commune propose à tous ses résidents, qui ne peuvent ou ne veulent plus cuisiner, de profiter du service «Repas sur roues». Pour ce service, nous collaborons avec Servior.**

## CHOIX DU MENU

Un plan de menu hebdomadaire vous propose un choix entre deux plats principaux accompagnés d'une soupe, d'une salade et d'un dessert. Des alternatives pour diabétiques, ainsi qu'un régime alimentaire sans viande ou sans sel sont également proposés.

## PRÉPARATION

SERVIOR accorde un soin particulier aux produits frais et régionaux. Les plats sont préparés fraîchement de manière quotidienne et dressés de façon appétissante dans des assiettes en porcelaine. Les plats individuels sont ensuite emballés de manière hygiénique et aussitôt refroidis. De cette façon, le goût et les substances nutritives sont préservés.

Certifié :

Sou schmaacht Lëtzebuerg
Savourez le Luxembourg




## LIVRAISON

Les plats sont livrés du lundi au samedi, ceci dans un emballage très pratique. Les repas du dimanche et des jours fériés sont livrés la veille. C'est vous qui déterminez la fréquence à laquelle vous faites appel au service: quotidiennement, certains jours de la semaine ou seulement pour une période fixe.

## PRÉPARATION À LA MAISON

Les menus se gardent au réfrigérateur jusqu'à 36 heures et se réchauffent facilement en appuyant sur un seul bouton.



## INSCRIPTION & FACTURATION

Pour vous inscrire prenez tout simplement contact avec votre commune.

La première livraison se fait à court terme dans les jours qui suivent l'inscription au service. La facture vous sera envoyée par votre commune.

» Plus d'infos sur **servior.lu**

## Emwelt Zertifikat Fairtrade



Mir sinn eng Fairtrade Gemeng

ZERTIFIKAT

Ierpeldeng un der Sauer erfëllt d'Kritäre vun enger Fairtrade Gemeng a konkretiséiert domadder säin Engagement fir de fairen Handel.
Ierpeldeng un der Sauer dréit esou zu enger nohalteger Wirtschaft bäi, déi de Mënsch an d'Emwelt an Afrika, Asien a Lätäinamerika respektéiert.

IERPELDENG UN DER SAUER

Éischt Zertifizéierung: 22. Abrëll 2016
Erneiert zertifiéiert: 12. August 2020

Mir gratuléieren a soe Merci fir den Asaz!

FAIRTRADE WIELEN.
Gutt fir d'Mënschen. Gutt fir d'Emwelt.
www.fairtrade.lu

FAIRTRADE



SDK RESSOURCEN INNOVATIOUN NOHALTEGKEET CIRCULAR ECONOMY
SuperDrecksKëscht®

# Clever akafen – Rinse-off-Produkte
# Clever akafen – Produits Rinse-off

**Was sind Rinse-off Produkte?**
**Bade- und Duschzusätze (Salz, Schaum, Öl, Gel,..)**
**Feste Seifen, Flüssigseifen Shampoos; Wieder auszuwaschende Hair-Conditioner**
**Rasierprodukte (Rasierschaum, Rasiercreme, Rasiergel und Rasierseife)**

**Rinse-off-Produkte sind Körperpflegemittel, die zur Reinigung von Haut und Haaren eingesetzt werden, jedoch mit Hilfe von Wasser abgewaschen bzw. abgespült werden und daher nicht auf der Haut oder den Haaren verbleiben.**

**Qu'entend-on par des produits Rinse-off?**
**Préparations pour bains et douches (sel, mousse, huile, gel,..)**
**Savons solides, savons liquides, shampoings; revitalisants à enlever par lavage**
**Produits de rasage (mousse à raser, crème de rasage, gel de rasage et savon à barbe)**

**Les produits rinse-off sont des produits d'hygiène corporelle apposés sur la peau et les cheveux aux fins de nettoyage, mais qui sont retirés juste après l'application par lavage ou rinçage et ne restent donc pas sur la peau ou les cheveux.**

## Hinweise ! Conseils !

Aus ökologischer Sicht können Körperpflegemittel einen grossen Teil an potentiell problematischen Abwassereinträgen verursachen und über Umwege in das Trinkwasser gelangen. Bei Produkten wie Körperpflegemitteln, die jeden Tag verwendet werden, ist es daher wichtig, dass die Inhaltsstoffe schnell abbaubar sind und sich somit nicht in der Umwelt anreichern können.

Sous l'angle écologique, les produits d'hygiène corporelle sont à l'origine d'un pourcentage important d'apports potentiellement problématiques dans les eaux usées et peuvent rejoindre indirectement l'eau potable. Il est important que les composants de produits d'hygiène corporelle par ex. qui sont utilisés tous les jours se dégradent rapidement et ne puissent ainsi s'accumuler dans l'environnement.

## Ein paar Vermeidungstipps:

- Verwenden Sie Duschgel sparsam bzw. duschen Sie sich ab und zu nur mit Wasser. Duschgels enthalten Tenside, die fettlösend sind und somit die schützende Fettschicht Ihrer Haut ablösen können.
- Feste Seifen haben üblich eine bessere Umweltbilanz als Duschgels da sie kein Wasser enthalten, weniger Verpackungsmaterial und keine Konservierungsstoffe benötigen.
- Inzwischen gibt es auch feste Shampoos im Angebot. Diese sparen Verpackungen.
- Weniger ist mehr! Mehr Shampoo macht die Haare nicht sauberer. Ein kleiner Klecks Shampoo auf die Kopfhaut und feuchte Haare einmassieren und gründlich mit lauwarmen Wasser abspülen.

## Quelques conseils de prévention:

- Utilisez le gel douche avec parcimonie ou ne vous douchez de temps à autre qu'avec de l'eau. Les gels douche contiennent des agents tensio-actifs dégraissants qui peuvent altérer la couche de graisse protectrice de votre peau.
- Les savons solides présentent normalement un meilleur bilan écologique que les gels douche, car ils ne contiennent pas d'eau et nécessitent moins de matériau d'emballage et de conservateurs.
- Entre-temps, des shampooings solides sont également proposés. Cela permet d'économiser l'emballage.
- Moins est plus ! Plus de shampoing ne rend pas les cheveux plus propres. Masser le cuir chevelu et les cheveux humides avec une petite quantité de shampoing et rincer abondamment à l'eau tiède.

SDK CLEVER AKAFEN SuperDrecksKëscht®

auf www.clever-akafen.lu

Kriterien
Critères

Positivlisten
Listes positives

Anwendungs-empfehlungen
Recommandations d'utilisation

## Inox Mehrwegfläschen







Fir de Verbauch vun Eemolplastikfläschen
ze reduzéieren hunn 250 Schoulkanner
Inox Mehrwegfläschen zu 0,5l
an d'Léierpersonal zu 1l kritt






# Ein zweites Leben für Altbrillen

Neue Aktion mit Unterstützung der Luxemburger Optiker und Recyclingcentren

# Une seconde vie pour les vieilles lunettes

Nouvelle campagne avec le soutien des opticiens et des centres de recyclage luxembourgeois

Die Sammlung von Altbrillen wird koordiniert von der SuperDrecksKescht®. Unterstützt wird die Kampagne von den Luxemburger Optikern. Abgabemöglichkeiten bestehen an allen mobilen Sammelstellen der SuperDrecksKescht® und in den Recyclinghöfen, sowie auf Anfrage bei Ihrem Optiker.

La collection de des vieilles lunettes est coordonnée par la SuperDrecksKescht®. La campagne est soutenue par les opticiens luxembourgeois. Les lunettes peuvent être déposées dans tous les points de collecte mobile de la SuperDrecksKescht®, dans les centres de recyclage et sur demande auprès de votre opticien.

## Welche Eigenschaften sind wichtig?
## Quelles propriétés sont importantes ?

**‚Brillen weltweit'** ist eine gemeinnützige Aktion, die die gebrauchten Brillen nach einer fachgerechten Qualitätskontrolle für humanitäre Zwecke auf der ganzen Welt weiterleitet. Bisher wurden bereits über 2 Millionen Brillen gesammelt, aufbereitet und Sehbehinderten über lokale NGOs auf der ganzen Welt zur Verfügung gestellt.

Die Aufarbeitung der Brillen erfolgt durch Mitarbeiter einer gemeinnützigen GmbH. ‚Brillen Weltweit' ist Europas größte Unternehmung für die Weiterverwendung / das Recycling von gebrauchten Brillen. Die langjährige fachliche Begleitung erfolgt durch einen erfahrenen Augenoptikermeister. Neben 350 Sammelstellen in Deutschland gibt es weitere in der Schweiz, in Liechtenstein und in Belgien und jetzt auch in Luxemburg.

Die Aktion trägt das allgemein anerkannte DZI-Spendensiegel, ein Gütesiegel für seriöse und transparente Spendenorganisationen, die verantwortungsvoll mit den ihnen anvertrauten Gütern bzw. Geldern umgehen.

***«Brillen weltweit»*** est une action caritative qui redirige des lunettes usagées à des fins humanitaires après un contrôle de qualité dans le monde entier. Jusqu'à présent, plus de 2 millions de lunettes ont été collectées, traitées et mises à la disposition des malvoyants par le biais d'ONG locales du monde entier.

BRILLEN WELTWEIT

Le traitement des lunettes est effectué par les employés d'une société à but non lucratif. «Brillen weltweit» est la plus grande entreprise de réutilisation / recyclage de lunettes usagées d'Europe. Le support professionnel à long terme est assuré par un maître opticien expérimenté. En plus des 350 points de collecte en Allemagne, il en existe d'autres en Suisse, au Liechtenstein, en Belgique et maintenant aussi au Luxembourg.

La campagne porte le sceau de donation DZI généralement reconnu, un sceau d'approbation pour les organisations donatrices sérieuses et transparentes qui traitent de manière responsable avec les biens ou les fonds qui leur sont confiés.

## Die Aufbereitung
## La préparation

Die **SDK** hat sich in Abstimmung mit den unterstützenden Partnern dazu entschlossen, sich der in Koblenz angesiedelten Aktion **‚Brillen weltweit'** anzuschliessen, die die Brillen aufbereitet und weitervertreibt.

**Die Aufbereitung beinhaltet :**

- Reinigung
- Test zur Ermittlung, ob es sich um eine Einstärken- oder Gleitsichtbrille handelt
- Reparatur reparaturbedürftiger Brillen unter Verwendung vorhandener Teile
- Ermittlung der Brillenstärke
- Erstellung eines Brillenpasses mit allen notwendigen Informationen
- Entfernung von Kunststoffteilen wie Bügelenden und Nasenpads bei nicht verwendbaren Brillen
- stoffliche Verwertung nicht mehr nutzbarer Brillen

Sonnenbrillen werden ebenfalls kontrolliert und gegebenenfalls repariert und gehen einem gesonderten Projekt in Nordindien zu.



La **SDK**, en coordination avec les partenaires de soutien, a décidé de se joindre à l'action ***«Brillen weltweit»*** (lunettes mondiales), basée à Coblence, qui préparera et redistribuera les lunettes.

**La préparation comprend :**

- nettoyage
- test pour déterminer s'il s'agit des verres simples ou progressifs
- réparation des lunettes à réparer à l'aide de pièces existantes
- détermination de la puissance des lunettes
- création d'un passeport de lunettes avec les informations nécessaires
- enlèvement des pièces en plastique telles que les embouts des branches et les coussinets nasaux dans le cas de lunettes inutilisables
- recyclage matière des lunettes non utilisables

Les lunettes de soleil seront également vérifiées et, si nécessaire, réparées, et seront affectées à un projet distinct dans le nord de l'Inde.

**Info: brillenweltweit.de**




# Lampen und Leuchtmittel

# Lampes et éclairage

Lampen existieren heute in den unterschiedlichsten Formen und Grössen, wie zum Beispiel Birnenform, Kerzenform, oder Reflektoren und Spots.



Il existe aujourd'hui des formes et tailles d'ampoules les plus diverses, comme p.ex. les ampoules sphériques, de type flamme, ou des réflecteurs et projecteurs.

## Sicherheits- und Vermeidungstipps

## Conseils de sécurité et de prévention

Die Hersteller geben die durchschnittliche Lebensdauer der Lampen in Jahren oder Stunden an. LED Lampen haben eine hohe Lebensdauer.

**Energieverbrauch**
Der Energieverbrauch der Lampe wird in Watt (W) angegeben. Hohe Watt-Zahl bedeutet hoher Energieverbrauch, also hohe Stromkosten. Das EU-Energielabel spiegelt die Energieeffizienzklasse der Lampe (oder anderer Elektrogeräte) wieder.

**Bewegungsmelder und Zeitschaltuhren**
Diese helfen den Stromverbrauch zu reduzieren. Der Strom fließt nur, wenn er benötigt wird und somit kann die Lebensdauer der Lampen erhöht und der Stromverbrauch gesenkt werden.

Les fabricants indiquent la durée de vie moyenne des lampes en années ou heures. Les lampes LED ont une longue durée de vie.

**Consommation**
La consommation énergétique de la lampe est exprimée en Watt (W). Un nombre de Watt élevé est synonyme de consommation énergétique élevée et, par là même, de frais d'électricité élevés. Le label énergétique de l'UE indique la classe énergétique de la lampe.

**Détecteurs de mouvement et minuteries**
Ceux-ci aident à réduire la consommation d'énergie. Le courant ne circule que lorsque cela est nécessaire, ce qui permet de prolonger la durée de vie des lampes et de réduire la consommation d'énergie.

## Welche Eigenschaften sind wichtig? -

## Quelles propriétés sont importantes ?

**Sockel**
Hochvolt-LED-Lampen (220 V) werden zumeist mit E27-, E14- oder GU10-Sockel angeboten. Im Niedervolt-Bereich werden GU5.3 und G4-Sockel eingesetzt.

**Lumen**
Die Helligkeit der Lampe wird in Lumen (lm) ausgedrückt, welche höher ausfällt, je heller die Lampe. Diese Einheit benennt die Lichtmenge, die von einer Lichtquelle in alle Richtungen abgegeben wird.

**Farbtemperatur**
Sie wird in Kelvin (K) ausgedrückt und sagt aus, ob die Lampen eher warmes, rötliches Licht (etwa 2700 K) oder kaltes, blaues Licht (etwa 6500K) abgibt. Warmes Licht gilt als gemütlich und einschläfernd; kaltes Licht gilt als ermunternt.

**Culots**
Les LED à haute tension (220 V) sont le plus souvent proposées avec des culots E27, E14 ou GU10. Les LED à basse tension sont utilisées avec des culots GU5.3 et G4.

**Lumen**
Le flux lumineux de la lampe est exprimée en lumen (lm). Une lampe lumineuse a donc un nombre élevé de lumen. Cette unité reflète la quantité de lumière émise par une source lumineuse dans toutes les directions.

**Température de couleur**
Elle est exprimée en Kelvin (K) et indique si la lampe émet une lumière plutôt chaude tendant vers le rouge (environ 2700 K) ou une couleur bleutée et froide (environ 6500 K). La lumière chaude est considérée comme agréable et endormante; la lumière froide comme revigorante.

## Behandlung und Verwertung!

Die Erfassung von Lampen und Leuchtmitteln wird von Ecotrel asbl organisiert und erfolgt über die Problemproduktsammlung der SuperDrecksKëscht®.

**Achtung!**
Lampenglas gehört nicht in den Glascontainer. Das gilt auch für normale ‚alte' Glühbirnen, die keine schadstoffhaltigen oder elektronischen Bestandteile haben.





## Traitement et recyclage !

La collection des lampes et de sources de lumière est organisée par Ecotrel asbl et est réalisée à travers la collecte de produits problématiques de la SuperDrecksKëscht®.

**Attention !**
Le verre de la lampe n'appartient pas aux bulles à verre. Cela vaut également pour les vieilles ampoules à incandescence, qui ne contiennent ni polluants ni composants électroniques.

ecotrel

## Restauratioun vun engem Bongert an der Gemeng Ierpeldeng

D'Fleeg an d'Restauratioun vu Bongerte gehéieren zu de wichtegsten Naturschutzprioritéiten vun de SICONA-Gemengen am Mëttelsauerdall. An der Gemeng Ierpeldeng gouf um Site "an der Scheed" an dësem Fréijoer ee grousse Bongert restauréiert. Méi wéi 60 al Beem goufe geschnidden a em déi 40 jonk Héichstämm geplanzt.

D'Bedingungen op dëse Plazen sinn alles anescht wéi einfach. Beim Uebstbamschnëtt ass souwisou Handaarbecht a Fachkenntnis gefrot, an dat oft a grousser Héicht an de Beem. D'Hanglag féiert zousätzlech derzou, dass Maschinnen nëmme schwéier anzesetzen sinn. An trotzdeem weist dëser Projet, dass mat enger gudder Organisatioun an enger gudder Zesummenaarbecht alles ka gutt klappen. Bei dëse Projeten, déi jo meeschtens a Privathand sinn ass nämlech niewent der Zesummenaarbecht mat der Gemeng – déi jo Optraggeber ass – och eng gudd Koordinatioun mat dem Proprietairen a gegebenefalls mat Déngschtleeschter gefrot, déi een Deel vun de Beem fir de SICONA schneiden, well eis eege Leit déi ganz Aarbecht net eleng packen.



De grousse Bongert zu Ierpeldeng nom Ofschloss vun den Aarbechten. E besteet elo aus méi wéi 100 Beem, dovun 40 nei geplanzten Héichstämm, déi och seng laangfristeg Zukunft sécheren.



Fir de Mëttelsauerdall (hei e Site zu Angelduerf) si déi al Bongerten an den Häng ee wichtege Liewensraum. Si dominéieren d'Landschaft a spillen eng wichteg Roll als Liewensraum fir vill Aarten. Leider si si oft scho laang net méi gefleegt ginn, sou dass ëmmer méi Beem briechen oder souguer ganz ofstierwen.

De Bongert virun de Schutzmoossnamen: déi al Beem ware scho laang net méi geschnidde ginn, zum Deel ofgestuerwen, dicht verwuess a mat Mëstel besat, engem Hallefparasit, dee besonnesch al Beem schiedegt, wann de Befall ze vill staark ass.





Déi jonk Beem sinn all mat engem Weedeschutz ofgeséchert. Dat kascht zwar zousätzlech Suen, ass awer noutwendeg fir dass si net vum Véi geschielt oder emgedréckt ginn.



Uebstbamschnëtt ass Handaarbecht an erfuerdert eng zolidd Fachkenntnis fir dass d'Beem korrekt geschnidde sinn a sech méiglecht gesond weiderentwéckelen kënnen.



Beim Schnëtt ass et och wichteg de Mëstel méiglechst komplett erauszeschneiden fir dass hien net weider um Bam schmarotzt. Déi ronn ëmmergring Planzen sinn am Wanter besonnesch gutt ze erkennen.



E fäerdeg geschniddene Bam. Wichteg ass dass de Krounenopbau ausgeglach ass fir dass d'Stabilitéit méiglechst gudd ass an dass se gläichzäiteg licht ass, fir dass de Wand ka gutt derduerch goen an de Bam esou méi séier dréchent, wat Pilzbefall verhënnert an och fir bessert Uebst suergt.

Och ofgestuerwe Beem bleiwen am Bongert, soulaang si nach stinn. Si ginn esou staark geschnidden, dass just nach de Stamm an e d'Stëmp vun den Haaptäscht stoe bleiwen. Esou fale keng Äscht méi erof, mee de Stamm kann nach iwwer laang Joeren als Liewensraum fir Spiechten an esouguer eventuell fir Hielebewunner wéi Fliedermais oder Siweschléifer dingen.



## Liichtverschmotzung

### Gefore vun der Liichtverschmotzung

- Fir de Mënsch duerch Stéierung vum Schlofrythmus a cardiovaskuläre Problemer
- Fir d'Déieren an d'Insekten duerch Stéierung vun hire Juegd- a Fortpflanzungsgewunnechten
- Bei de Planzen kann de Wuesstumsprozess gestéiert ginn
- Energieverschwendung och wann d'LED Luuchte wéineg verbrauchen

### Wat kann ech maachen?

- Nëmmen Nuets déi wichteg Plazen beliichten, ee Bewegungssensor benotzen oder wärend den Owesstonnen uloossen an nët déi ganz Nuecht
- D'Intensitéit vun der Hellegkeet reduzéieren
- Nët d'Beliichtung no uewen riichten a keng Planze beliichten
- LED Luuchte mat waarmen Téin (max 3000 Kelvin) gebrauchen.

### Les dangers de la pollution lumineuse

- Des perturbations du rythme circadien et des problèmes cardiaques pour l'être humain
- Des changement des habitudes de chasse et de reproduction pour les animaux et insectes
- Des décalages dans le temps de croissance pour de nombreux végétaux
- Gaspillage d'énergie même si les lampes à LED ne consomment que peu d'énergie

### Que peux-je faire?

- Eclairer seulement les lieux importants, utiliser un détecteur de mouvements et n'illuminer que pendants quelques heures et pas toute la nuit.
- Réduire l'intensité de l'éclairage
- Ne pas diriger le faisceau lumineux vers le haut et ne pas illuminer les plantes
- Utiliser des lampes à LED aux rayons chauds (max 3000 Kelvin)

Leitfaden „Gutes Licht" im Außenraum
für das Großherzogtum Luxemburg du
Ministère du Développement durable et des infrastructures

## Spillplazen Ierpeldeng a Bierden


Beim Dreieck


Préscolaire


Ecole Primaire


Rue Grand-Duc Jean


Op Castille


Burden-Rue J-P Gaspard

## Schoulrentrée 15. September 2020

De 15. September war den traditionellen Dag vun der Schoulrentrée an de Fondamentale's Klasse vun eiser Gemeng. Et war dëst awer keng Rentrée wéi all déi aner Joren: och si stoung ënnert dem Afloss vun der COVID 19 Pandemie. Zesummen mat eise Gemengeservicer huet de Schoulcomité alles drugesat, fir d'Mesures'en, déi den Unterrechtsministär virginn hat, esou gutt ewéi méiglech an der Praxis ëmzesetzen. Siichtbaren Ausdrock dovunner waren de 15. September déi Trennlinnen, déi fir d'Schoulklassen am Schoulhaff agezeechent waren.

Mä och COVID 19 Distanciatiounsmesure wäerten eis Schoul net dovunner ofhalen, zesummen mat eise Kanner weider un hire Projete'en ze schaffen. Do ass zum Beispill de Projet *„Schoul ouni Plastik"* ze ernimmen. Och wäert weider di traditionell Stäerkt vun der Ierpeldenger Schoul, d'Kompetenz am Liesen, bei Grouss a Kleng gefleegt ginn.









Schoulzentrum Ierpeldeng




Schoulzentrum



**Du bass am Lycée?**

Du wëlls e puer Su verdéngen?

**Du wëlls engem Schüler aus der Grondschoul Nohëllef ginn?**

# DA MELL DECH !!

**… op der E-mail-Adress :**

**nohellef@erpeldange.lu**

**D'Lëscht vun de Lycéesschüler gëtt op d'Internetsäit vun der Ierpeldenger Grondschoul gesat.**

**D'Eltere vun de Grondschoulkanner kënnen dech iwwert E-mail oder Telefon kontaktéiere fir auszemaache wéini a wou d'Nohëllef stattfënnt.**

**De Präis kënnt dir zesummen entscheeden.**
**Mir schloen e Stonnepräis vun 10 bis 15 € vir.**

**Dës Initiativ leeft ënnert der Leedung vun der Elterevereenegung E.I.S. an den Elterevertrieder, an Zesummenaarbecht mam Léierpersonal an der Schoulkommissioun.**

## Biergerforum vum 15.Oktober 2020

Am Kader vum Nordstadfusiounsprozess waren de 15.Oktober 2020 d'Bierger vun der Gemeng Ierpeldeng opgeruff ginn hier Iddien a Gedanken anzebréngen.Dës Resultater wärten an engem Rapport évaluéiert a synthetiséiert ginn. Dëse gëtt de Schäffen vun de 5 Gemengen iwwerginn an och op Nordstad.lu publizéiert ginn.

Dans le cadre du processus de fusion de la Nordstad, les citoyens de la commune ont été appelés à remettre leurs idées et suggestions. Les résultats des forums citoyens et du dialogue en ligne seront évalués et synthétisés dans un rapport citoyen. Ce dernier sera remis aux membres des conseils communaux des cinq communes de la Nordstad. Il sera également publié sur le site nordstad.lu à la fin de l'année.







## Dag vum Bam

Well de 14.November den Dag vum Bam net konnt ofgehale ginn, hunn d'Kanner vun der Primärschoul de 4.Dezember Hecken am  Schoulhaff geplanzt.Insgesamt sinn 42 Meter Buchenhecken am Schoulhaff a laanscht d'Aussegelänner gesat ginn.















## Hobbyclub

Zanter bal 34 Joer schonn, gëtt et den Hobbyclub zu Ierpeldeng. Den 13. Januar 1987 ass dëse Veräi gegrënnt ginn, mam Zil Leit aus der Gemeng zesummen ze bréngen fir hinnen esou ee schéine Moment z'erméiglechen an awer och fir aktiv fir d'Gemeng a mat deenen anere Veräiner ze schaffen.

Zu de ganz verschiddenen Aktivitéite vum Hobby Club gehéieren zum Beispill de Kanner Second-Hand Maart zweemol am Joer, d'Bedeelegung un Tendances Jardin, d'Kiermes zu Ierpeldeng an eigentlech war dëst Joer och d'Kiermes zu Bierden fest ageplangt. Mä aus Corona-Grënn huet dës Manifestatioun, grad wéi och de Second-Hand a virun allem och d'Irish Folk Night missen ofgesot ginn. Dësen ireschen Owend hat den Hobbyclub am Joer 2018 an d'Liewe geruff an den Erfolleg war immens grouss. Leider ass den Elan vun dësem Fest awer duerch déi sanitär Kris gebremst ginn an et bleift ze hoffen, dass et just eng forcéiert Paus vun engem Joer war. Eigentlech hat den Hobbyclub och geplangt beim Chrëschtmaart, deen eng éischte Kéier zu Bierde sollt organiséiert ginn, mat ze maachen. Och doraus ass aus deene selwechte Covid-Grënn näischt ginn.

Den Hobbyclub huet den Ament knapp 30 Memberen an de President ass de Guy Weber. Vize-President ass de Roland Dewans an ëm d'Sekretariat respektiv d'Keess këmmeren sech d'Marcelle Warken an d'Irène Welter.

Den Hobbyclub ass ee Veräi mat engem groussen Häerz. Si spenden ee gudden Deel vun hirem Erléis u karitativ Associatioune wéi zum Beispill déi leschte Kéier dem Kannerwonschbam vun Ierpeldeng.

Ee grousse Merci dem Hobbyclub fir 24 Joer Aktivitéit a mir hoffe fir si an all déi aner Veräiner, dass se d'nächst Joer erëm hir Manifestatiounen organiséiere kënnen a mir wënschen elo scho vill Erfolleg.

HCI HCI
HOBBYCLUB IERPELDENG











## Interview mam President vun der Finanzkommissioun a Member vum Gemengerot Eric OSCH (EO)



KLACK:
***Wat ass d'Finanzkommissioun?***

EO :
D'Finanzkommissioun ass eng consultativ Kommissioun, datt heescht, si berot de Schäfferot an alle Saachen, déi mat Gemengefinanzen ze doen hunn. Dat kann op der Recette Säit, wéi och op der Dépense Säit sinn. D'Initiative dozou, wéi eng Froen traitéiert ginn, ka vum Schäfferot ausgoen, wann hien zu engem bestëmmten Dossier ee Rot well bezéien. Oder d'Initiative ka vun der Kommissioun ausgoen. De Schäfferot kann de Rot vun der Finanzkommissioun unhuelen – e muss dat awer net, wann en net wëll.

KLACK:
***Wourop baséiert d'Finanzkommissioun ?***

EO:
Et ass net am Gemengegesetz virgeschriwwen, datt et muss eng Finanzkommissioun ginn. Dat ass am Géigesaz vun zum Beispill der Integratiounskommissioun. All Gemeng MUSS där eng hunn. Et ass awer eng Traditioun, datt d'Gemengen och sou eng Finanzkommissioun hunn.
Zu Ierpeldeng huet de Gemengerot een Internt Reglement gestëmmt, dat beschreift dat esou « La Commission [des Finances] est appelée à donner au collège des bourgmestre et échevins des avis sur toute matière concernant les finances communales. Elle pourra se prononcer sur les taxes et les impôts de la commune, les subsides communaux, sur le budget communal et la situation de l'endettement de la commune. »

KLACK:
***Kënnt Dir eis e Beispill ginn, u wat fir engen Dossiere d'Finanzkommissioun schafft?***

EO:
D'Kommissioun huet an däser Mandatsperiod verschidde Gemengen Taxen aviséiert, Subsiden an och de Loyer vu Gebailechkeeten. Och hate mir gekuckt, zu wéi enge Konditiounen d'Gemeng Kreditter soll ophuelen. De groussen Dossier ass dëst Joer, wéi all Joer, de Budget vun der Gemeng. Besonnesch an däser Zäit, wou de finanziellen Impakt vun der CORONA–Kris nach net ganz gewosst ass, ass et wichteg d'Recetten an d'Ausgabe genau ze kucken.

KLACK:
***Wien ass Member an Ärer Kommissioun?***

EO:
Member si bei eis d'Mme Sonja Laures, an d'Häre Sylvère Breuer, Albert Reeff, Jos Schmitgen, Yves Wallers a Claude Wolter. Bis zu senger Demissioun aus dem Gemengerot war och de Marc Weisgerber bei eis Member. Ech wëll him och nach op däser Plaatz nach eng Kéier Merci soen.

KLACK:
***Sicht Dir nach nei Member'en? Wat muss een do matbréngen?***

EO:
Jo. Mir wiere frou , wa mir nach weider nei Member kriten. Et ass net eng speziell Qualifikatioun erfuerdert. Mais virun allem Loscht matzeschaffen, an een Interessie un dem Thema, wou kommen d'Suen vun der ëffentlecher Hand hier, a wou kënne se higoen.




Carte postale de Francis DAHM

















## D'Gemengeverwaltung | L'administration communale

| | |
|---|---|
| Tél. | 81 26 74 1 |
| Fax: | 81 97 08 |
| Adresse: | 21, Porte des Ardennes<br>L-9145 ERPELDANGE-SÛRE |
| Adresse postale: | B.P. 39 L- 9001 Ettelbruck |
| Site Internet: | **www.erpeldange.lu** |

**Heures d'ouverture:**

| | LUNDI | MARDI | MERCREDI | JEUDI | VENDREDI |
|---|---|---|---|---|---|
| matin | 7.30-11.30 | 7.30-11.30 | fermé | 7.30-11.30 | 7.30-11.30 |
| après-midi | 13.00-18.00 | 13.00-16.30 | | 13.00-16.30 | 13.00-16.30 |

**Numéros de téléphone utiles:**

COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS
GLEIS Claude, bourgmestre 621 73 45 46
PIERRARD Romain, échevin 661 80 29 93
LEIDER Gilbert, échevin 621 35 64 84

SECRÉTARIAT secretariat@erpeldange.lu
TROES Paul, secrétaire communal 81 26 74 301
INTINI Antonio, rédacteur 81 26 74 305
MANUELLI Carole, rédacteur 81 26 74 311
DELAGE Tracy, expéditionnaire 81 26 74 312

BUREAU DE LA POPULATION
MELCHIOR Claude, expéditionnaire 81 26 74 304
EVEN Claude, rédacteur 81 26 74 314

RECETTE recette@erpeldange.lu
KREMER Carlo, receveur communal 812674 307

SERVICE TECHNIQUE techniques@erpeldange.lu
Adresse: 120, Porte des Ardennes
L-9145 ERPELDANGE/SÛRE
Adresse postale: BP 39 L-9001 Ettelbruck
Fax: 26 81 06 51 23

| | LUNDI | MARDI | MERCREDI | JEUDI | VENDREDI |
|---|---|---|---|---|---|
| matin | sur RDV | 9.00-11.30 | sur RDV | 9.00-11.30 | sur RDV |
| après-midi | | sur RDV | | sur RDV | |

KLEIN Sandy, ingénieur industriel 26 81 06 51-21 (seulement les matins)
CLERF Charel 26 81 06 51 20
HAAS Kevin, expéditionnaire technique 26 81 06 51 -22

ATELIER COMMUNAL atelier@erpeldange.lu
Adresse: 9, rue Gruefwee
L-9147 ERPELDANGE-SÛRE
DE KROON Romain, ouvrier dirigeant 26 81 06 50 / 621 35 27 17



De Schäffen- a Gemengerot zesumme
mat der Gemengeverwaltung
an der Redaktiounsequipe vun der Klack
wënschen allen Awunner

*schéi Feierdeeg an*
*e glécklecht neit Joer 2021 !*

Le collège des bourgmestre et échevins,
le conseil communal, l'administration communale, ainsi
que le comité de rédaction de la chronique communale
souhaitent à tous les citoyens de la commune de

*joyeuses fêtes de fin d'année et
une bonne et heureuse année 2021 !*







Ierpeldeng-Sauer

